N°672
Entrée le 10.06.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité

Äntwert vum Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit op d'parlamentaresch Fro n° 672 vum 29. Abrëll 2024 vum éierewäerten Deputéierten Här Goergen Marc iwwert "Pollution liée aux scories blanches à Esch sur Alzette"

Huet d'Ëmweltverwaltung hei scho Réckmeldung op hir Fuerderung kritt, datt Arcelor d'Botzaarbechte bezuelt? Wa jo, wat huet ArcelorMittal matdeele gelooss?

Entgéint der Duerstellung vum Artikel "Es hat regelrecht geschneit" aus dem Tageblatt vum 26. Abrëll, deen sech op een Incident vum 25. Abrëll bezitt, huet d'Ëmweltverwaltung keng Fuerderung an deem Sënn un ArcelorMittal gestallt. Der Ëmweltverwaltung läit och kee Signalement vun deem Incident an enger entspriechender Nuisance vir.

Wéi steet d'Regierung zur Fuerderung, datt de Schlackegruef misst iwwerdeckt ginn, fir datt esou Wolleken net weider kënnen entstoen?

Säit dem leschte Joer huet ArcelorMittal Mesuren ergraff fir dës Nuisance an de Griff ze kréien. Dëst sinn zum Beispill d'Benotzen vun enger zousätzlecher Cuve, manuellt Eraushuelen vun gréissere Metallstécker aus den Cuven, méi laang Benetzungszäiten a geännert Austippfrequenzen souwéi d'Beuechte vun de meteorologesche Konditiounen. Eng komplett Anhausung vum Schlackegruef ass scho säit längerem am Gespréich a wäert weider dozou bäidroen d'Nuisancen dëser Aart anzedämmen.

Soumat ass et begréissenswäert, dass ArcelorMittal wëlles huet hire Schlackegruef um Site Belval anzehausen, esou wéi et an enger Reunioun den 25. Januar 2024 tëschent der Gemeng Esch-Uelzecht, der Ëmweltverwaltung, der "Association Quartier Bruch", engem Bureau d'études an ArcelorMittal thematiséiert gouf.

Wäert d'Emweltverwaltung hei weider intervenéieren?

Jo, d'Kontrollunitéit vun der Ëmweltverwaltung (Unité Contrôles et Inspections) beméit sech kontinuéierlech fir am Fall vun engem Signalement vun esou Nuisancë méiglechst schnell op d'Plaz kucken ze goen an d'Situatioun ze bewäerten.

Gegeebenenfalls kontaktéiert d'Ëmweltverwaltung den Ëmweltservice vun ArcelorMittal fir Informatiounen ze kréien op déi constatéiert Nuisance mat den Aktivitéiten um Site Belval iwwerenee stëmmen a, wann e Lien besteet, wat ArcelorMittal fir Mesuren ergräife wëll fir d'Nuisance anzedämmen.

Déi Thematik gëtt och an der järlecher Inspektioun vum Site opgegraff, déi am Kader vum Gesetz iwwert industriell Emissioune duerchgefouert gëtt.

Donieft fannen tëscht der Ëmweltverwaltung an ArcelorMittal reegelméisseg Echange statt, an deenen déi verschidde Verbesserungsmoossnamen diskutéiert ginn.

Lëtzebuerg, den 10. Juni 2024
(s.) Serge Wilmes
Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit